piraten.lu

N°3654
Entrée le 13.02.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.02.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/02/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

D'lescht Joer hat d'Sécherheetsfirma *Protection Unit* hir Aktivitéiten zu Lëtzebuerg iwwerraschend agestallt, wouduerch, ënnert anerem, d'Sécherheetspersonal bei den CFL direkt betraff war, obwuel nach kuerz virdrun – am Februar – en neie Kontrakt opgestallt gouf. An dësem Kontext hat ech schonn a menger parlamentarescher Fro n°1906 op dës Problematik higewisen.

Zënter dem Summer 2025 gëtt de Gardiennage bei den CFL vun der Firma Brinks duerchgefouert, woubäi d'Personal zum Deel vu Protection Unit iwwerholl gouf. No mengen Informatiounen besteht beim Personal no dësem Iwwergang, och no méi wéi engem Joer, eng grouss Ongewëssheet, besonnesch wat d'Aarbechtsstabilitéit an déi perséinlech Zukunftsperspektiven ugeet.

Am Kontext vu rezente Gewaltvirfäll am ëffentlechen Transport ass et wichteg, datt d'Sécherheetsleit, déi alldeeglech fir d'Sécherheet vu Passagéier an CFL-Personal schaffen, eng Gewëssheet fir hir Zukunft kréien.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Sécherheetsagent:innen vu Protection Unit goufe virun der Iwwernam duerch Brinks fir d'CFL agesat?

2. Wéi vill Leit goufe vu Brinks iwwerholl a wéi vill kruten een CDI a Vollzäit?

3. Wéi vill Persoune goufen net zu de viregte Bedingungen iwwerholl, a wat waren d'Grënn?

4. Wéi hunn sech zënter der Iwwernam duerch Brinks d'Iwwerstonnen, d'Krankeschäiner, den

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Absenteismus an d'Personalfluktuatioun am Gardiennage entwéckelt?

5. Wier et rechtlech méiglech, datt d'CFL direkt Sécherheetsleit ënnert eegenen CFL-Konditiounen astellen, an net iwwer eng extern Sécherheetsfirma? Falls jo: firwat gëtt dës Optioun net ëmgesat?

6. Ass scho bekannt, wien no deene provisoreschen 9 Méint de Gardiennage bei der CFL fir déi nächst véier Joer iwwerhëlt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten